PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°2277
Entrée le 30.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.05.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg ginn zënter Joren net genuch Wunnengen gebaut, fir der Demande vum Marché gerecht ze ginn. Dobäi kënnt, dass d'Land et net fäerdeg bréngt, méi Wunnegen a grad méi Wunnengen am erschwéngleche Präsisegment ze bauen. Vill Leit waarden zënter Joren op hir Chance, fir Eischtbesëtzer kënnen ze ginn.

De Staat muss méi bauen an d'Regierung huzet versprach, dass 480 Milliounen fir de Kaf vun erschwéngleche Wunnengen géifen investéiert ginn. Mam Staatsbudget soll de Staat proaktiv Immobilieprojeten opkafen (VEFA) fir esou d'Unzuel u Wunnengen an ëffentlecher Hand signifikativ mat erschwéngleche Wunnengen opzestocken.

De Minister äntwert op meng Fro n°2102, dass am Joer 2024 ronn 126 Milliounen Euro fir 208 Wunnengen bezuelt goufen.

Den 29ten Abrëll 2024 hat de Wunnengsbauministère der Logementskommissioun eng Oplëschtung mat all den Immobilieprojete geschéckt, déi de Ministère analyséiert huet (Synthèse Vente en Etat futur d'Achèvement CAL29).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Wunnengen (opgelëscht no VEFA an gebauten Unitéiten) huet d'Regierung dëst Joer kaf?
   Wéi vill Euro huet de Staat fir dës Wunnengen bezuelt?

2. Wéi vill Wunnengen wëll de Minister dëst Joer kafen (VEFA oder gebauten Unitéiten)?

3. Wéi vill Suen sollen insgesamt dëst Joer investéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten